



Lëtzebuerg, den 23. Juli 2021

Jean-Lou Siweck als Direkter vum radio 100,7 nominéiert

De Verwaltungsrot vum ëffentlech-rechtleche Radio annoncéiert d'Nominatioun vum Jean-Lou Siweck als Direkter vum radio 100,7.

De 50 Joer ale Jean-Lou Siweck huet eng grouss professionell Erfahrung am Medieberäich. Éier hien als Direkter vum radio 100,7 genannt gouf, war hien zanter 2018 Generaldirekter vum Grupp Editpress a Chefredakter vun der Dageszeitung Tageblatt.

De Jean-Lou Siweck huet zanter 1998 als Journalist beim Lëtzebuurger Land geschafft, vun 2001 u war hie beim nei gegrënnte Le Quotidien. Duerno war hien ekonomesche Beroder vum Premier an ass 2013 Chefredakter vum Luxemburger Wort an Direktionsmember vum Grupp Saint-Paul ginn. Zanter engem Joer ass de Jean-Lou Siweck och President vum Presserot.

De Jean-Lou Siweck ass vu Formatioun Journalist. Hien huet eng "Licence en Journalisme et Communication" vun der Université Libre de Bruxelles an ee "Master of Arts en Études européennes" vum Collège d'Europe zu Bruges.

De Jean-Lou Siweck erkläert: "De radio 100,7 ass haut op engem besonnesche Punkt a senger Entwécklung ukomm, well seng Missioun als Service Public soll präziséiert a gestärkt ginn. Ech si frou, d'Direktioun zu dësem Zäitpunkt ze iwwerhuelen an der Ekipp vum Radio meng Erfahrung zur Verfügung ze stellen. Et geet elo drëms, d'Missioun vum Radio zesumme mat Liewen ze fëllen a fir dem radio 100,7 ze erméiglechen, seng besonnesch Plaz an der Lëtzebuurger Medielandschaft voll a ganz anzehuelen."

D'Véronique Faber, Presidentin vum Verwaltungsrot vum Établissement de Radiodiffusion Socioculturelle, seet: "De Professionalismus an déi grouss Erfahrung maachen aus dem Jean-Lou Siweck den ideale Kandidat fir de radio 100,7 weider als Referenzmedium an der Lëtzebuurger Medielandschaft ze verankeren. An direkter Zesummenaarbecht mat enger Ekipp vu 50 Mataarbechter*Innen a ville fräie Mataarbechter*Innen, positionéiert de Jean-Lou Siweck den ëffentlech-rechtleche Medium an der digitaler Ära. Dëst bei engem villfältege Publikum a mat originellem a qualitativ héichwäertege Contenu."

De Jean-Lou Siweck iwwerhëlt seng Funktioun de 16. September 2021.

Véronique Faber
Direction par intérim
vfaber@100komma7.lu

Romain Butti
Responsable communication
rbutti@100komma7.lu



Informatiounen iwwert de radio 100,7

De radio 100,7 ass den öffentlich-rechtliche Radio zu Lëtzebuerg.

A senger Programmation fokusséiert den 100,7 sech op d'Aktualitéit, der Promotioun vu kulturellen, edukativen a musikalesche Programmer, wéi och op d'Diffusioun vun Ënnerhaltungsprogrammer.

De radio 100,7 ass Partner vu ville kulturelle Manifestatiounen zu Lëtzebuerg an ass privilegéierte Partner vun der Philharmonie.

Zënter 1997 ass de radio 100,7 Member vun der Union Européenne de Radio-Télévision (UER/EBU).

De radio 100,7 ass iwwert d'Frequenzen 100,7 MHz an am Norden iwwert 95,9 MHz ze héieren. De Programm kann och live an an der Mediathék via www.100komma7.lu an d'radio 100,7-App gelauschert ginn.